CERCLE NAUTIQUE
PETANGE
GD DE LUXEMBOURG

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

Lamadelaine, den 15te Januar 2012

Secrétariat:
Theis Nathalie
19, rue du Moulin
L- 4882 Lamadelaine
Tel : 26 50 38 11
Gsm : 621 274 375
E-mail: nathalie.theis@education.lu

INFO 3 / 2011 - 2012

Salut Taucher(in),

Dokter
Den Dokterziedel muss de bis den **31te Januar** beim Patricia ofgin.
Koenig Patricia 17, an de Wisen L-8364 Hagen
Denk drun, ouni Lizenz kenne mir dech net mat an d'Fosse oder op de Stau huelen.

Brevet P2
De Klub bidd dest Joer keng Formatioun P2 un.
Du hues awer d'Méiglechkeet däi P2 zu Antibes mat der Flassa ze machen.
Deng Theorie kanns de mam Policeklub hei zu Letzebuerg maachen.
De prakteschen Deel mess de zu Antibes an der Woch vum 21.07.-28.07.2012.
Präiss: 520€ + Hin-a Réck-Wee. Du muss 20 Tauchgäng tescht P1 a P2 gemach hun.
Wieder Informatiounen fenns du am Anhang vun der Mail. Em alles waat Antibes ubelaangt, muss du dech selwer drems kemmeren.
Wanns du de P2 wells machen, mell dech bei mär, da maan ech alles fir d'Theorie an d'Rei.

Fosse
De RDV ass um **19h25** Auer bei der Kees an der Coque. Wanns du mat an d'Fosse gees, da mell dech bis **Méindes owes virun der Fosse** bei mär un, sou dass mer kennen d'Encadrement organiséieren. Moniteurs a P3 mellt iech bei mir per Mail un w.e.g.
Jidderee muss säi Material matbréngen. Wanns du Material vum Klub brauchs, da mell dech bei mär.
Du kriss d'Material dann deen Denschde virun der Fosse zu Péiténg an der Schwemm, an du brengs eis et deen Denschden drop erem zeréck an d'Schwemm.

Hei d'Datumer:

26.01.2012	**29.03.2012**	**21.06.2012**

Wantertreff: 11.02.2012
Mir treffen eis Samschdes, den 11ten Februar um 18 Auer um Stau bei eisem Chalet fir ze grillen.
De Klub kemmert sech em d'Fleesch.
Waat brengs du mat? Däi Gedrénks, en Dessert **oder** eng Zalot, an däi Geschiir: Teller, Messer, Becher, ……..
Wanns de mat eis wells grillen, da mell dech bis den 1ten Februar bei mär un.

Challenge René Hartmann: 10.03.2012
Dest Joer ass de Challenge zu Bouneweeg. Jiddereen, dee well matschwammen, ass wellkomm. Dono gi mer zesummen iessen. Mir freen eis och iwwer Supporter, di eis ufeiere kommen. Wann een eng gudd Pizzeria am Eck kennt, kann e mer Bescheed soen.

CERCLE NAUTIQUE
PETANGE
GD DE LUXEMBOURG

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

Lamadelaine, den 15te Januar 2012
Secrétariat:
Theis Nathalie
19, rue du Moulin
L- 4882 Lamadelaine
Tel : 26 50 38 11
Gsm : 621 274 375
E-mail: nathalie.theis@education.lu

INFO 3 / 2011 - 2012

D'Umeldung fir mat iessen ze goen, muss bis den 5te März bei mär gemach sin.

Ab elo ass all Denschden Training fir de Challenge zu Péiteng an der Schwemm. Um 20h35 fängt den Training un.
Weider Informatiounen zu den Epreuven kriss de bei mär **um Training**.

Télévie: 25ten März
De Klub organiséiert de 25ten März am Kader vum Télévie Baptêmer an der Piko. RDV ass um 14 Auer bei der Schwemm a mir si bis 17 Auer do.
Wanns du eis wells eng Hand upaaken kommen, da so mer Bescheed.

Baptêmer fir Frenn, Famill, …. 3ten Abrell
Du hues Famill, Frenn oder Bekannten di eng Kéier wellen Schnuppertauchen? Bréng se den 3ten Abrell mat op den Training. RDV ass um 20 Auer. Si kréien e klengen theoreteschen Ableck an d'Tauchen an dono maachen se e Baptême.
Aus organisatoresche Grenn muss de se awer umellen. Mir kenne bis zu 20 Leit unhuelen. So mir einfach bis den 27te März, wivill Leit dass de matbréngs.

Päischtvakanz : 25.05.-01.06.2012
Et geet op Marsa Alam. De Vol Hin an Zeréck ass Freides.
Mir schlofen entweder am Iberotel Lamaya Resort **oder** Iberotel Coraya Beach. De Präiss wärt bei 1000€ op de Kapp am Duebelzemmer leien. Verpflegung ass All Inclusive.
Getaucht gett mat der Tauchschoul vum Hotel. www.coraya-divers.de

Jiddereen, dee well matgoen, muss sech elo definitif umellen. (Och wanns de scho provisoresch ugemellt bass!) Den Délai vir d'Umeldung ass den 20ten Januar.
D'Umeldungen hellt d'Patrica un: patricia.koenig@education.lu oder um Tel: 621 25 40 87

Waat muss an der Umeldung drastoen?
Numm (Meederchersnumm) a Virnumm: **esou, wéi et am Pass steet!**
Gebuertsdatum
An daat vun all Tourist/Taucher, dee matgeet.

Fir all weider Informatiounen steet iech d'**Patricia** zur Verfügung.

Septembervakanz: Estartit: 01.09.2012 – 08.09.2012
Dest Joer fuere mer nees op Estartit, do wou mer och d'lescht Joer waren. Jiddereen, deen interesséiert ass, fir matzefueren, soll sech bis den 29te Februar beim Patricia umellen.
patricia.koenig@education.lu, GSM: 621 25 40 87

CERCLE NAUTIQUE
PETANGE
GD DE LUXEMBOURG

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

Lamadelaine, den 15te Januar 2012
Secrétariat:
Theis Nathalie
19, rue du Moulin
L- 4882 Lamadelaine
Tel : 26 50 38 11
Gsm : 621 274 375
E-mail: nathalie.theis@education.lu

INFO 3 / 2011 - 2012

Mir gin an den Hotel Flamingo. De Präiss vun engem Duebelzemmer wärt bei +/- 400€ leien. Den Hotel schafft mat der Tauchschoul La Sirena zesummen. Hei kréien mer e Forfait vun 10 Tauchgäng (inclusiv Fläsch, Bläi an Taxen) fir 250€ - 300€ ugebueden (je no Taucherzuel) So dem Patricia bei der Umeldung ob's du de Forfait hells, oder d'Tauchgäng eenzel bezills. Hei fenns de all néideg Informatiounen: www.hotelflamingo.info, www.la-sirena.net
Fir all weider Informatiounen steet iech d'**Patricia** zur Verfügung.

Kalenner

26.01.2012	Fosse, RDV 19h25
11.02.2012	Wantergrillen um Stau
10.03.2012	Challenge
29.03.2012	Fosse, RDV 19h25
05.05.2012	1. Tauchgang
25.05.-01.06.2012	Tauchvakanz Marsa Alam
21.06.2012	Fosse, RDV 19h25
01.09.08.09.2012	Tauchvakanz Estartit
30.09.2012	Staubotz

Fir de Groupe de travail,

Nathalie